

# EUROPEAN POLICYBRIEF

D'Fuerschungsaktivitéiten, op deenen dës Resultater baséieren, goufen am Kader vum Fuerschungs- an Innovatiounsprogramm „Horizon 2020“ vun der Europäescher Unioun iwwer de Subventiounsvertrag Nr. 649263 gefërdert.

Den Auteur ass eleng verantwortlech fir den Inhalt, deen net d'Meenung vun der Europäescher Kommissioun representéiert. D'Kommissioun ass net verantwortlech fir d'Benotzen vun Donnéeën, déi sech an dësem Dokument befannen.

## MOVE



### MAPPING VUN DER MOBILITÉIT - PARCOURSEN, INSTITUTIONEN A STRUKTURELL AUSWIERKUNGE VUN DER JUGENDMOBILITÉIT

Den éischte MOVE Policy Brief befaasst sech haaptsächlech mat Recommendatiounen, déi sech aus der sekundärer Makroanalys iwwer d'Mobilitéit vu Jugendlechen an Europa erginn hunn, a mat de Facteuren, déi d'Jugendmobilitéit fërderen oder behënnere kënnen, an déi an de qualitative Fallstudie vun ënnerschiddleche Mobilitéitstypen ermëttelt goufen.

Abrëll 2017

## ALEEDUNG

MOVE ënnersicht d'Mobilitéit vu Jugendlechen an Europa mat Mat eng Mulitmethod Approche, fir erauszefannen, wéi d'Konditiounen vun der Mobilitéit kënnen verbessert an negativ Auswierkunge reduzéiert ginn. Déi wichtegst Fuerschungsfroe sinn: Wéi ka sech Mobilitéit positiv souwuel op déi sozio-ekonomesch wéi och op d'individuell Entwécklung vu jonke Leit auswierken? Wéi eng Facteure fërderen/behënnere dës positiv Mobilitéit?

Dësen éischte Policy Brief baséiert op ausgewielte Resultater aus der sekundärer Makrodatenanalys an op éischten Erkenntnesser aus der Analys vu Fallstudien. Bei der Makrodatenanalys gëtt op zwee gréisser Problemer higewisen: éischtens, déi insgesamt ongenügend Verfügbarkeet vun Daten, an zweetens, déi ongläich Virdeeler, déi d'Memberstaaten opgrond vu regionalen a lännerspezifischen Ënnerscheeder aus der Mobilitéit zéien. D'qualitativ

Analys weist, wéi villfälteg de jonke Leit hir Ziler a Besoinen am Kontext vu ganz verschiddene Mobilitéitsfelder sinn. Besonnesch d'Fro no de Facteuren, déi eng individuell zefriddestellend Mobilitéitserfarung ënnerstëtzen oder behënneren, gëtt an dësem Policy Brief thematiséiert. Eis Analys deit drop hin, dass am Hibleck op déi jeeweileg wirtschaftlech Situatioun an de Memberstaaten (opgrond vun de quantitativen Erkenntnesser aus der Sekundärdatenanalys) an op déi ënnerschiddlech individuell Besoinen an Ziler vu Jugendlechen (opgrond vun de qualitative Resultater) méi differenziéiert Äntwerte vu Mobilitéitsprogrammer néideg sinn. Well d'Erkenntnesser aus béide Fuerschungsapprochë zu engem spéideren Zäitpunkt vum Projet matenee verbonne ginn, ginn d'Erkenntnesser an d'Recommandatiounen am Folgende getrennt presentéiert. An engem zweete Policy Brief ginn all d'Resultater matenee Enk vekknappt.

## DATE MATERIAL AN ANALYS

Déi folgend Aussoe baséieren op ausgewielte Resultater, déi bis zum haitegen Dag aus dem Projet ervirgaange sinn. Momentan ginn op der Basis vun den Analysen Theorien ausgeschafft, déi d'Verständnis vun der Jugendmobilitéit an de Facteuren, déi si beaflossen, verdéiwe wäerten. D'Erkenntnesser aus de qualitativen Analysen, déi mat deenen aus der Makrodatenanalys an der quantitativer Ëmfro trianguléiert ginn, sinn dann den Ausgangspunkt fir den nächste Policy Brief.

### 1. Qualitéit a Verfügbarkeet vu Makrodaten iwwer d'Mobilitéit vu Jugendlechen an Europa

Fir d'Mobilitéit vu Jugendlechen an Europa um Makroniveau kënnen ze analyséieren, gouf iwwer dat lescht Joerzéngt (2004-2013) eng Sekundärdatenanalys fir all d'EU28/EFTA-Länner duerchgefouert. D'Analys war op en eenzele Saz vu kompiléierte Makrodaten an déi dozougehéiereg Resultater aus den Äntwerten op d'MOVE-Fuerschungsfro baséiert, woubäi de Fokus op der Relatioun tëschent de sozio-ekonomesche Makrofacteuren an der Jugendmobilitéit an Europa louch.

D'Etude huet e massive Mangel un zouverlässegem an zougänglechen Daten iwwer d'Jugendmobilitéit an de Partnerlänner an a ganz Europa erginn:

- Fräi zougänglech Migratiounsdate vun Eurostat sinn nëmme fir d'Gesamtpopulatioun verfügbar, et ginn iwwer Eurostat keng fräi zougänglech Daten iwwer d'Jugendmigratioun, och wann dës Donnéeë regelméisseg vun EU-Memberstaate ugefrot ginn,
- Déi eenzeg verfügbar Mobilitéitsdate betreffen d'Mobilitéit vun de Studenten, si bezéie sech awer nëmme op eng gutt ausgebilt Ënnergrupp vun europäesche Jugendlechen a schléissen aner Mobilitéitstypen, déi duerch wirtschaftlech Contrainten a Schwierigkeete bedéngt sinn, aus. Doriwwer eraus sinn déi verfügbar Daten iwwer d'Mobilitéit vu Studenten och vergläichsweis al (am März 2016 waren déi lescht verfügbar Date aus dem Joer 2012).

Fir deemno eng eenheetlech Datebank zur Verfügung ze stellen, gouf en allgemenge Scientific-Use-File (MOVE-SUF) iwwer d'Jugendmobilitéit erstallt, an deem aggregéiert Daten aus verschiddenen europäeschen Datesätz (Fichiere mat Joresdaten aus der „European Labor Force Survey“ [EU-LFS] mat entspreche sozio-ekonomeschen Indikatoren vun Eurostat an der OECD) benotzt goufen. Bei der Aarbecht mat den EU-LFS-Fichieren hu sech awer vill Erausforderunge gestallt:


- feelend Daten,
- begrenzt Zouverlässegkeet fir verschidde Länner,

- schwieregen a laangwierige Prozess fir den Zougang iwwer Eurostat, an
- d'Feele vun engem zouverlässegen Indikator fir d'Outgoing-Mobilitéit (aus dem Land eraus) bei Jugendlechen. De schlussendlech zeréckbehalenen Indikator fir d'Outgoing-/Returning-Mobilitéit (nees an d'Land zeréck), huet nëmmen eng begrenzt Aussokraaft. Vergläichbar Indikatoren fir d'Outgoing-Mobilitéit vu Jugendlechen, an därsewlechter Qualitéit wéi d'Indikatoren fir d'Incoming-Mobilitéit (an d'Land eran), hätten d'Qualitéit vun de Resultater däitlech verbessert.

## 2. Zentrum-Peripherie-Modell

Als éischte Schrëtt fir d'Ermëttlung vu Lännermusteren am Beräich vun der Jugendmobilitéit an Europa goufe Cluster-Analysen duerchgefouert. Bei de Rationalitéiten um individuellen Niveau konnt den Zentrum-Peripherie-Modell (Wallerstein) unhand vu sozio-ekonomesche Makroindikatoren bestätegt ginn. D'Analysen hunn zwee Hauptclusteren erginn (Bild 1): 1) Zentrum-Empfängerlänner an 2) Peripherie-Senderlänner. Derbäi komme Lëtzebuerg an Norwegen, déi an engem drëtten Cluster als Ausräisser duergestallt ginn. D'Clusteren entspreche der sozialer an ekonomescher Entwécklung vun de berücksichtigte Länner (Bild 1) a sinn an der Zäit stabil (2005-2013); eng Ausnam ass Spuenien, dat wéinst der Wirtschaftskris vum Zentrum an d'Peripherie gerétscht ass. Desweidert sinn d'sozio-ekonomesch Ënnerscheeder tëschent de Clustere während dem Observatiounszeitraum méi kleng ginn, wat bedeit, dass déi berücksichtigte Länner am Allgemenge méi homogen gi sinn. De Verglach vun de Mobilitéitsindikatoren fir déi zwee Clustere weist awer, dass Zentrum-Empfängerlänner méi héich Tauxe vun Incoming-Mobilitéit bei Jugendlechen hunn an dass d'Differenz zu der Peripherie am Observatiounszeitraum geklommen ass. Dëst gëllt besonnesch fir d'laangfristeg Immigratioun a spigelt déi besser Liewensbedéngungen an den Zentrum-Empfängerlänner an de Problem vum Brain drain (Ofwanderung vu Fachkräften) erëm. D'Zentrum-Empfängerlänner hunn och méi héich Tauxe vun areesende Studenten, woubäi dës Differenz iwwer d'Jore méi kleng gëtt. D'Resultater bestätegen d'Länner-Clusteren op der Basis vun ekonomeschen, sozialen a lännerspezifische Makroindikatoren fir die duergestallten Daten iwwer d'Mobilitéit vu Jugendlechen an Europa. Am Resumé ka festgehale ginn: Déi ënnerschiddlech Forme vu wuessende Mobilitéitsfluxe weisen, dass d'EU genee wéi hir Memberstaaten d'Bewegungsfräiheet tatsächlech vereinfacht an e fräie Choix vum Wunnsätz am gemeinsame Wirtschaftsraum erméiglecht.

Bild. 1: Lännerclusteren



### 3. Makrotypologie vun der Mobilitéit an EU/EFTA-Länner

D'Makroresultater hu gewisen, dass nëmmen e puer europäesch Länner vu laangfristeger Incoming-Mobilitéit, déi d'ekonomesch Wäertschöpfung erhéicht, profitéieren. Aner Länner verléieren dogéint Humankapital, besonnesch wann héichqualifizéiert jonk Leit an d'Ausland ofwandere („Brain drain“). Doriwier eraus profitéieren national Ekonomie vu jonke Leit, déi an d'Land zeréckkommen, nodeems se sech am Ausland Kompetenzen ugëeegent hunn. Den eendimensionalen Zentrum-Peripherie-Modell, deen uewe presentéiert gouf, deckt d'Komplexitéit vum Phänomen awer net ganz of. Dofir gouf zousätzlech eng Lännertypologie entwéckelt, déi sech op d'mobilitéitsbedéngt Schafen an Notze vun Humankapital konzentréiert an den ambivalenten a komplexe Charakter vun der Jugendmobilitéit an Europa erfaasst. Am Géigesaz zum Zentrum-Peripherie-Modell (dat op individuelle Rationalitéite baséiert), konzentréiert sech d'Typologie an zwou Dimensiounen op kollektiv Rationalitéite vun Nationalstaaten:

- Mobilitéitsepisoden, bei deenen haaptsächlech jugendlecht Humankapital duerch d'laangfristeg Incoming-Mobilitéit vu Jugendlechen, d'Outgoing-Mobilitéit vu Studenten oder d'Returning-Mobilitéit vu Jugendlechen agesat oder genotzt gëtt, an
- Mobilitéitsepisoden, bei deenen am groussen Ëmfang Humankapital an den Opnamlänner a Form vu kuerzfristeger Incoming-Mobilitéit vu Jugendlechen oder Incoming-Mobilitéit vu Studenten geschaf (awer net genotzt) gëtt. Vun dese Forme vu Mobilitéit profitéiere virun allem d'Heemechtslänner vun deene jonke Leit.

Duerch d'Kombinatioun vu béiden Dimensiounen huet sech eng eenheetlech Typologie vu Lännermustere erginn. Si gëtt un ob an a wéi engem Mooss e Land vun de Fluxe vu Jugendmobilitéit an Europa profitéiere misst. Dofir gouf all Land no zwou Dimensiounen bewäert, déi uginn, ob e Land méi oder manner Humankapital schaaft oder méi oder manner Humankapital

asetzt oder notzt (Bild 1 & Bild 2). D'Typologie baséiert op deskriptiven Analyse vun aggregierte Makroindikatoren iwwer d'Jugendmobilitéit aus dem MOVE-SUF: 1) Tauxe vun der allgemenger Mobilitéit vu Jugendlechen (kuerzfristeg Incoming-, Outgoing- a Returning-Mobilitéit) an 2) Tauxe vun der Studentemobilitéit (Incoming, Outgoing). Fir méi rezent Entwécklungen ze erfaassen (z.B. d'Wirtschaftskris), baséiert den Tableau mat de 4 Felder nëmmen op Daten aus de Joren 2009-2012/13. All d'EU/EFTA-Länner goufen op der Basis vun de Medianwäerter vun deenen eenzele berücksichtigte Mobilitéitsindikatoren engem vun de véier Typen zougeuerdent. Wa sech e Median am Laf vun der Zäit geännert huet, waren déi méi rezent Wäerter ausschlaggebend. Trotzdeem konnten e puer Länner nach ëmmer net eenditeg engem Typ zougeuerdent ginn oder hunn Charakteristike fir e Wiessel zu engem aneren Typ gewisen (z.B. Spuenien, Slowakei, Bulgarien, Portugal).

Mobilitéits-Promoteuren (*mobility-promoters*): D'Länner aus dësem Ënnergrupp, haaptsächlech aus Osteuropa, weisen en niddregen Taux souwuel beim Schafe vun Humankapital (doduerch dass si kuerzfristeg auslännesch Jugendlecher ophuelen), wéi och beim Asaz oder dem Notze vun Humankapital (doduerch dass si Jonker fir laangfristeg Studien an d'Ausland schécken) op. Wa Jugendlecher aus dese Länner an d'Ausland ginn, dann ass dat, well si an hirem Heemechtsland keng favorabel wirtschaftlech Situatioun virfannen. Dës Länner riskéieren, engem kontinuéierleche Brain drain ausgesat ze sinn.

Mobilitéits-Verléierer (*mobility-fallers*): Dëse vergläichsweis kleng Grupp vu Länner kombinéiert en niddregen Taux vu laangfristeger Incoming- a Returning-Mobilitéit mat engem héijen Taux vu kuerzfristegen Episode vun Incoming-Mobilitéit. Dës Länner (z.B. Holland an d'Belsch) ginn deemno méi Mëttel fir d'Bildung vun auslännesche Studenten aus, profitéieren op där anerer Säit awer net genuch vum geschafenen Humankapital. Aus der nationaler wirtschaftlecher Perspektiv gekuckt, ass dësen Typ vun de véier Lännertypen am schlechtesten drun: Wann d'Entwécklung esou weidergeet, kéint dat méiglecherweis zu engem kontinuéierlechen Ofschwung féieren.

Mobilitéits-Beneficiaren (*mobility-beneficiaries*): Länner aus dësem Grupp si manner un der Schafung vun Humankapital (duerch d'kuerzfristeg d'Ophuele vu mobille Jugendlechen aus dem Ausland) bedeelegt, mä setze laangfristeg Mobilitéit an Ausbildung vun anere Länner mat héijen Tauxe vu Returning- an Outgoing-Mobilitéit vu Studenten an. Dës Länner profitéieren deemno am meeschte vu Jugendmobilitéitsfluxe bannent Europa. Bei verschiddene Fäll an dësem Grupp, z.B. Spuenien a Griichenland, ka festgestallt ginn, dass si fréier profitéiert hunn, mä hautdesdaags ëmmer méi dozou tendéieren, an d'Kategorie vun de Mobilitéits-Verléierer ze geroden, an dat opgrond vun engem däitlech erkennbare Réckgang bei der laangfristeger Incoming-Mobilitéit an de leschte Joren.

Mobilitéits-Notznéisser (*mobility-utilisers*): Fir dës Länner (z.B. Däitschland an Norwegen) ass en equilibréiert Verhältnis tëschent der laang- an der kuerzfristeger Incoming-Mobilitéit vu Jugendlechen, genee ewéi e verhältnisméisseg héijen Taux bei der Incoming- an Outgoing-Mobilitéit vu Studenten an der Returning-Mobilitéit, charakteristesesch. Déi meescht Länner gehéieren zum räichen Zentrum-Incoming-Cluster an an engem gewësse Mooss benotze si einfach d'Jugendmobilitéit, fir Humankapital anzesetzen an ze notzen. Si droen awer och zum Schafe vun Humankapital fir aner Länner bäi, well si och héich Zuelen u kuerzfristeg areesende Jugendlechen, dorënner och mobil Studenten, ophuelen.

D'Lännertypologie beweist, dass eng eendimensional Perspektiv mat den entgéintgesatene Pole Peripherie an Zentrum net duergeet, fir d'Komplexitéit vum Opwand a vum Notzen am Beräich vun der Jugendmobilitéit an Europa ze beschreiwen.


D'Opdeelung vun de Länner kann als eng Konsequenz vun der Finanz- a Wirtschaftskris ugesi ginn. Virun dësem Hannergrond kann Humankapital, dat iwwer d'Jugendmobilitéit geschaf gouf, als e kollektive Bien interpretéiert ginn, deen op eng ganz ongläich Manéier vun deenen eenzelen EU-Memberstaaten geschaf, agesat a wirtschaftlech genotzt gëtt

Tableau 1: Mobilitéits-Typologie vun den EU/EFTA-Länner

Typologie vu Lännermusteren bei der Jugendmobilitéit		Humankapital, dat duerch d'kuerzfristeg Opnam vun Incoming-Mobilitéit / Incoming-Mobilitéit bei Studenten geschaf gëtt	
		Manner	Méi
Humankapital, dat duerch d'Unzéie vu laangfristeger Mobilitéit vu Jugendlechen oder duerch eng héich Returning-Mobilitéit an/oder Outgoing-Mobilitéit vu Studenten (duerch d'Notze vun Humankapital aus aneren EU-Länner) agesat oder genotzt gëtt	Manner	<b>Mobilitéits-Promoteuren</b> Polen, Rumänien, Slowenien, Finnland, Bulgarien*, Slowakei*, Ungarn, Malta, Italien*	<b>Mobilitéits-Verléierer:</b> Tschechesch Republik, Holland, Belsch, Schweden*
	Méi	<b>Mobilitéits-Beneficiaren</b> Lettland, Frankräich*, Estland, Griichenland*, Spuenien*, Portugal*, Kroatien	<b>Mobilitéits-Notznéisser</b> Irland, Norwegen, Däitschland, Zypern, Dänemark, Groussbritannien, Lëtzebuerg, Éisträich
<b>Onbestëmmer Länner</b> wéinst Mangel un Daten: Litauen, Island, Schwäiz			

\* \* D'Zouerdnung vum Land ass net eendeitig, well d'Land och Charakteristike vun Mobilitéitstypen vu Nopeschtlänner opweist.

Bild 2: Mobilitéits-Typologie vun den EU/EFTA-Länner



#### 4. Aflossfacteuren an Acteuren: éischt qualitativ Erkenntnesser

Déi folgend Abschnitter baséieren op den éischten Erkenntnesser aus der qualitativer Fuerschung am Kader vu MOVE (WP3).

D'qualitativ Etude ëmfaasst d'Analys vu sechs verschidde Typen vu Mobilitéit (Studentemobilitéit, grenziwwerschreidend Volontariat, beruflech Mobilitéit, Berufsausbildungsmobilitéit, Schüleraustausch an Entrepreneurship-Mobilitéit), a baséiert op qualitativen Interviewe mat mobille Jugendlechen an Experten aus de sechs Länner, déi deelgeholl hunn (Däitschland, Ungarn, Lëtzebuerg, Norwegen, Rumänien, Spuenien). Fir all Typ vu Mobilitéit gouf eng grëndlech Tandemanalys vun zwee Partner aus zwee Länner duerchgefouert.

D'Resultater sinn deemno enk un déi jeeweileg national Kontexter vun de selektionéierte Länner gebonnen.

## **Héichschoulmobilitéit, Studentemobilitéit**

Fir d'Erfuerschung vun der Studentemobilitéit am Héichschoulberäich ware Lëtzebuerg an Ungarn selektionéiert ginn. Déi zwee Länner kontrastéiere staark: Während Lëtzebuerg bal 100 % Outgoing-Mobilitéit vu Studente verzeechent (Diplom- a Creditmobilitéit zesummen), läit an Ungarn d'Zuel vu mobille Studente wäit ënner 20 %, ee vun den niddregsten Tauxen an der EU.

Ausserdeem mussen zu Lëtzebuerg all Bachelor-Studente vun der Universitét Lëtzebuerg ee Semester am Ausland verbréngen. Et ginn deementspreechend vill bilateral Accorden (meeschtens ERASMUS+) an den Openthalt am Ausland gëtt routinéiert organiséiert, während en an Ungarn vill méi individualiséiert ass. Zu Lëtzebuerg gëtt d'Studéieren am Ausland als eng Traditioun ugesinn (wéinst der spéider Grënnung vun der éischter öffentlecher Universitét am Land). An Ungarn ass d'Studentemobilitéit dogéint ëmmer méi eng „sozial Verflüchtung“ fir Leit mat méi héije sozio-ekonomeschen Hannergrënn ginn.

Aus dem Lëtzebuurger Beispill léiere mir, wéi institutionell Ënnerstëtzung an etabléiert Strukturen d'Studentemobilitéit an déi éischt Iwwergangszäit vereinfache kënnen: z.B. bilateral Accorden, Informatiounen a Servicer fir Studenten, administrativ Ënnerstëtzung, z.B. duerch kompetent Universitétsmataarbechter mä och duerch etabléiert Netzwierker am Ausland. Aner wichteg Facteuren, déi hëllef, si Sproochkompetenzen, déi zu sproochlecher Sécherheet am Kader vun der Mobilitéit féieren, wéi Studenten aus béide Länner ervirgehewen hunn.

Souwuel fir Lëtzebuerg wéi fir Ungarn goufen dauerhaft Bezéiungen (sozial Netzwierker, z.B. familiär Bindungen) engersäits als e positive Facteur fir d'Mobilitéit genannt, well si emotional an instrumentell Ënnerstëtzung bidden. Aus de lëtzebuergeschen Daten hu mir ausserdeem erausfonnt, dass perséinlech Netzwierker d'Mobilitéit a gutt Mobilitéitserfahrungen féieren, wann z.B. Frënn d'Méiglechkeet hunn, zesummen an d'Ausland ze goen oder sech den Netzwierker am Ausland unzeschléissen (staark a wäit verbreet Lëtzebuurger Studentevereenegungen u villen europäesche Standuerter mat enger Universitét). Op där anerer Säit kënnen staark sozial Bindungen doheem en hemmende Facteur fir d'Mobilitéit sinn, well si déi Jugendlech um d'Heemecht bannen. D'technologesch Entwécklung bitt awer divers Kommunikatiounskanäl, déi en Auslandsopenthalt mat sengen Hürde méi liicht maachen, andeems si eng kontinuéierlech Kommunikatioun während dem ganzen Openthalt erméiglechen.

Eng weider Hürd fir Mobilitéitserfahrungen ass déi feelend finanziell Ënnerstëtzung, well d'Erasmus+-Bourse an deene mannste Fäll duergeet, fir d'Käschte vum Auslandsopenthalt ganz ze decken. Ausserdeem ass, am Kader vun der Diplom-Mobilitéit, de Prozess vun der Unerkennung vun auslänneschen Diplomer um Aarbechtsmaart am Europäeschen Héichschoulraum nach net ofgeschloss an den Transfert vu Wëssen aus dem Ausland bleift problematesch, well Diplomer (oder Examen) aus dem Ausland am Heemechtsland net ëmmer d'selwecht unerkannt gi wéi déi inlännesch (oder zousätzlech Formatiounen / Coursen néideg sinn).

## **Volontariats-Mobilitéit**

D'Volontariats-Mobilitéit gouf fir Däitschland a Rumänien analyséiert. Déi zwee Länner goufen opgrond vun den ongläichen historieschen, ekonomeschen a kulturellen Aspekter am Hibleck op d'Volontariats-Mobilitéit erausgesicht. Während Däitschland e gutt etabléierten, institutionaliséierten nationale System fir d'Jugend-Volontariat huet, gouf a Rumänien d'Praxis vu Fräiwëllegendéngschter nom Fall vum Kommunismus agefouert an d'Volontariats-Mobilitéit gëtt momentan ëmmer nach vun nationalen Organisatiounen Beaflosst, a vun ONGen a Medie bei der nationaler Bevëlkerung promovéiert.

D'Analys vum däitsche Beispill weist, dass déi Jugendlech besser mat de Spezifitéite vun deem Mobilitéitstyp vertraut sinn. Si sinn dofir besser virun onerwaarten Evenementer geschützt an och besser iwwer hir eege Mobilitéit informéiert. Fir verschidde jonk Rumänen ass et deen éischte

Mobilitätsprogramm vun dëser Zort, a well Desem Mobilitéitstyp sech eréischt viru Kuerzem entwéckelt huet, hu Jugendlecher och manner perséinlech Verbindungen zu Leit, déi doru bedeelegt sinn oder waren. D'Fallanalys weist, dass verschidde rumänesch Fräiwëlleger sech no hirer éischter Erfahrung encouragéiert gefillt hunn, sech a weider Fräiwëllegenaktivitéiten ze engagéieren, och a Länner, déi méi wäit ewech sinn an och ënner schwierege Bedéngungen.

Eng vun de Particularitéite vun der Volontariats-Mobilitéit läit an der Begrënnung, firwat jonk Leit dëse Choix maachen. Fir verschidde Jonker ergëtt sech d'Decision aus engem Wonsch, eng Paus vu fréieren a formelle Kontexter ze maachen, an aus der Sich no neien Erfarungen, d'Erfuersche vun engem neien Ëmfeld souwéi aus enger berufflecher Motivatioun. Fir anerer, souwuel an Däitschland wéi a Rumänien, bitt dës Mobilitéit jonke Leit d'Méiglechkeet, e graduellen Iwwergang vun der Schoul an d'Beruffsliewen oder vun der Schoul zu weidere Studien ze maachen, well et hinnen erlaabt, e bëssen Zäit ze gewanne fir déi nächst Schrëtt virzubereeden. Dës Zort vu Mobilitéit dréit dozou bäi, iwwer sech selwer nozedenken an huet en Impakt um sozialen a perséinlechen Niveau. D'Resultater vun der Analys weisen op eng weider Particularitéit vun der Volontariats-Mobilitéit bei Jugendlechen hin, nämlech de positiven Effekt, fir d'Vue vun där komplexer Welt, an där déi Jugendlech liewen, ze beräicheren an ze diversifiéieren, a bei hinnen de Wonsch entstoen ze loossen, sech altruistesch ze weisen a mat hirer Aarbecht e Bäitrag ze leeschten.

Déi analyséiert Fallstudie weisen, dass bei der Volontariats-Mobilitéit perséinlech Netzwierker e staarke positive Facteur fir d'Populariséierung vun dësem-Mobilitéitstyp sinn. An de Fallstudien a Rumänien weist sech, dass den Europäesche Fräiwëllegendéngscht en efficacë Kader souwuel fir d'Outgoing- wéi och fir d'Incoming-Mobilitéit bitt. Souwuel an Däitschland wéi a Rumänien engagéiere sech Kohorte vu Jugendlechen a Fräiwëllegendéngschter am Ausland a ginn dem Beispill vun anere Jonken no. D'Risiko (geografesch) vu sengem Peer-Grupp getrennt ze ginn, gëtt als e Pull-Facteur ugesinn, fir sech an darselwechter Aktivitéit am Ausland ze engagéieren. De Peer-Grupp bitt och Austausch, Begleedung an Ënnerstëtzung während der ganzer Volontariats-Mobilitéit.

Kaum finanziell Ënnerstëtzung a feelend Finanzéierung si Facteuren, déi d'Volontariats-Mobilitéit staark behënneren. D'Resultater weisen, dass Jonker wësse mussen, wou si Subsidë kréien a wéi d'Finanzéierungslandschaft an dësem Feld ausgesäit. Fir d'Mobilitéit ëmsetzen ze kënnen, musse si verschidden Organisatioune kennen, déi eng gëeegent Finanzéierungsstruktur ubidden, Sponsoren an hire perséinlechen Netzwierker sichen, Ënnerstëtzung bei der Famill froen oder op perséinlech Erspuernesser zeréckgräifen.

## **Berufflech Mobilitéit**

Fir d'Mobilitéit, déi mat der Aarbecht verbonden ass, goufen Norwegen a Lëtzebuerg als Länner selektionéiert. Béid Länner weisen Ähnlechkeeten (Méisproochegkeet, staark Ekonomien) mä och Differenzen op (Norwegen gehéiert net zu der EU; zu Lëtzebuerg ass den Undeel vu Frontalieren an Immigranten un der erwerbstätiger Bevëlkerung ganz héich). Mir hu virun allem d'Incoming-Mobilitéit a béide Länner ënnersicht, dozou gehéieren „d'Areer fir eng konkret Aarbechtsplaz“ an „d'Areer fir eng Aarbechtsplaz ze sichen“. Während déijéineg, déi wéinst enger konkreter Aarbechtsplaz kommen, déi néideg Sproochekenntnesser hunn, ass dat net ëmmer de Fall bei deenen, déi komme fir eng Aarbecht ze sichen an oft fir d'éischt hir Sproochekenntnesser verbessere mussen, fir kënnen agestallt ze ginn.

Ähnlech wéi bei fréieren Erkenntnisser am Kader vu Migratiounsfuerschung, spillt och hei déi sozio-ekonomesch Situatioun am Heemechts- an am Gaaschtland eng wichteg Roll. Begrenzte Méiglechkeeten um Aarbechtsmaart an niddreg Léin sinn d'Hauptgrënn dofir, dass Leit hiert Heemechtsland verloossen. Fir verschidde Jonker ass – besonnesch am Fall vu Lëtzebuerg – dat multilinguaalt Ëmfeld en Ureiz, a fir vill mobil Jonker ass Lëtzebuerg als Aarbechtsplaz och attraktiv, fir hir perséinlech Kompetitivitéit um internationale Plang verbessere ze kënnen. Am Fall vun Norwegen nennen déi mobil jonk Leit oft de positiven Image vum skandinavesche Liewensstil am Verglach zu deem Land, wou si selwer hierkommen oder am Verglach mat aneren



europäesche Länner. Dëse Grond schéngt en Impakt ze hunn op d'Decisioun vun de Jugendlechen, mobil ze sinn an d'Zilland erauszesechen. D'norwegesch Natur, de Liewensstil, d'sozial Konditiounen am Land d'Kultur an Aarbechtméiglechkeete sinn d'Haaptgrënn vu mobille Jonker fir hir Decisioun, an Norwegen ze plënnere.

D'Bewosstsi vu kulturellen Ënnerscheeder bréngt eng perséinlech Entwécklung a Verännerungen an de soziale Bezéiunge mat sech. Fir Lëtzebuerg ass awer och d'äitlech ginn, dass verschidde jonk Leit hir perséinlech Netzwierker an d'Liewen am Opnamland, opgrond vum héijen Undeel un auslänneschen Employéen an Aarbechter, kritesch als e Liewen an enger „Blos“ beschriwwen hunn, wat d'Relatiounen tëschent Lëtzebuurger an Emigranten, oder tëschent deenen eenzelen nationale Gruppen ugeet.

Am Géigesaz zu anere Forme vu Mobilitéit ass déi berufflech Mobilitéit individuell. Déi jonk Leit aus eisem Echantillon siche keng Ënnerstëtzung vun Organisatiounen oder Firmaen; si kennen och keng Programmer fir d'berufflech Mobilitéit an der EU. Deemno kënnen de Mangel un Informatiounen an dat feelend Wëssen iwwer Programmer fir d'berufflech Mobilitéit, besonnesch bei jonke Berufstäteger, als Hindernis fir d'Mobilitéit ugesi ginn, well déi Jonk nëmmen op hir eege Ressourcen ziele kënnen. Aus deem Grond si perséinlech Netzwierker fir jonk Berufstäteger indispensabel, fir bürokratesch Barrièren ze iwwerwannen a jonk Leit souwuel finanziell wéi emotional bei der berufflecher Mobilitéit ze ënnerstëtzen.

Mir hunn och festgestallt, dass Leit beim Zougang zu Positiounen um Aarbechtsmaart un der Schnëttstell vun „jonk sinn“ an „Berufsfänger sinn“ a Besuch op Respekt, Unerkennung a Schutz ënnerschiddlech Erfarunge gemaach hunn. Jonk mobil Leit mussen am Ausland trotz hire Qualifikatiounen a Kompetenzen oft op deenen niddregste Positiounen um Aarbechtsmaart ufänken. Jonker, déi ganz nei um Aarbechtsmaart sinn, sinn oft ënnerbezuelte, gi guer net bezuelte oder gi fir Aarbechtsplaze vermëttelt, wou si ze vill Aarbecht leeschte mussen, déi net hire Qualifikatiounen entsprécht. Déi jonk Leit ginn deemno an hire Qualifikatiounen ofgewäert, fir en Astig an en Job ze kréien, a maachen oft e puer Stagen hannerteneen oder maachen e Stage, éier si offiziell agestellt ginn; anerer mussen fir näischt bei Organisatiounen schaffen, fir Erfahrung ze sammelen, déi fir en Job gefrot gëtt, a gläichzäiteg niddreg bezuelte Jobs unhuelen, fir hire Loyer an d'lessen asw. ze bezuelen.

Gläichzäiteg ass fir déi meescht Befroten d'Schaffen am Ausland awer och mat méi Selbststännegkeet an Onofhängegkeet verbonden, wouduerch d'Mobilitéit och d'Befreiung vun ze enke perséinleche Bindunge bedeeite kann. Eis Fallstudie weisen, dass d'berufflech Mobilitéit en Ëmschwong an den Iwwergang zum Erwuessenenalter duerstellt. An dëser Phas léieren déi Jonk, Verantwortung fir sech selwer ze iwwerhuelen a Léisungen an onbekannte Situatiounen ze fannen.

## **Mobilitéit an der Berufsausbildung**

Fir d'Erfuersche vun der Mobilitéit am Kader vun der Berufsausbildung goufen zwee Länner fir méi eng genee Analys selektionéiert: Spuenien an Däitschland. Dës Länner representéieren zwee entgéintgesate Polen an Europa, wat d'ekonomesch Konditiounen vu jonke Leit an d'Regelungen am Beräich vun der Berufsausbildung ubelaangt.

D'Mobilitéit am Kontext vun der Berufsausbildung ass eent vun de jéngste Felder mat vergläichbar niddrege Participatiounstauxen. Et gëtt entsprechend wéineg Fuerschung, déi sech exklusiv mat dësem Thema befaasst. D'Mobilitéit am Kader vun enger Berufsausbildung ass opgrond vun den ënnerschiddlechen Ëmsetzungspraktiken an Däitschland an a Spuenien ganz verschidden, a genee esou ginn d'Iwwerleeunge vun den Apprentien iwwer hir Mobilitéitserfahrung ausenaner. Déi däitsch Mobilitéit gëtt gréisstendeels dominéiert vun „all-inclusive“ Gruppenopenthalter vun duerchschnëttlech véier Wochen, déi deene relativ strenge Reegelerungen vum däitschen Ausbildungssystem ënnerleien (z.B. den enken Zäitplang duerch d'dual Ausbildung an der Schoul an op der Aarbechtsplaz), an erliichtert duerch e landeswäit Netz vu professionnelle Beroder, dat eenzegearteg an Europa ass. Während déi däitsch Apprentien dëse kamoute Wee, fir an d'Ausland

ze goen, héich appreciéieren, weisen d'Resultater awer och, dass en den Handlungsspillraum vun de Jugendlechen aschränkt.

Am Géigesaz dozou gëtt a Spuenien d'Mobilitéit gréisstendeels um individuellen Niveau organiséiert an dauert an der Reegel dräi Méint, well se am Kader vun der obligatorescher „Praxisphas“ um Enn vun der schoulescher Ausbildung am Ausland stattfënnt. D'Erasmus+-Bourse geet net duer, fir all d'Käschte vun dësen erweiderten Openthalter ofzedecken (d'Sue kommen oft mat Verspéidung nom Retour vum Mobilitéitsopenthalt un). Deementspriechend ass d'Mobilitéit fir spuenesch Jugendlecher eng Fro vu Suen, bei där si vun der Famill oder enger anerer Form vun Ënnerstëtzung ofhängeg sinn. Doriwwer eraus ass d'Berodung gréisstendeels privat a muss individuell bezuelt ginn. Déi spuenesch Jugendlech bekloe sech iwwer mangelnd Berodung am Kader vun der Erasmus+-Mobilitéit an iwwer net genuch Ënnerstëtzung. D'Verwaltung an d'Bürokratie si Barrieren. Sou zum Beispill passe verschidden ëffentlech Mobilitéitsberoder u spueneschen Ausbildungsariichtungen, fir hir Efforten ze reduzéieren, d'Zuel vun de Participanten net un d'Limite vum Programm mä un hir eege Koordinatiounscapacités un.

Déi staark Bindung vun de Jugendlechen un hire Peergrupp an der Heemecht, déi kuerz Openthalter am Kader vun der däitscher Gruppemobilitéit genee ewéi d'Vollzäit-Schaffe vu spuenesche Berufsschüler loosse wéineg Raum fir interkulturell Kontakter an den Zillänner. D'Selektioun vun de Participantë baséiert gréisstendeels op der schoulescher Leeschtung an de Friemsproochecapacités a schléisst doduerch Jonker, déi Schwierigkeeten an der Schoul an an der Ausbildung hunn, mä déi enorm vun der Mobilitéit profitéiere kéinten, aus.

Global gesi sinn d'Méiglechkeete vun der Mobilitéit wärend der Ausbildungszeit nach wéineg bekannt.

## **Schülermobilitéit**

D'Erkenntneser iwwer d'Schülermobilitéit baséieren op de Fallstudien an zwee Länner: Norwegen an Ungarn. Norwegen huet, obwuel et keen EU-Member ass, u verschiddenen EU-Austauschprogrammer deelgeholl, fir senge Schüler a Studenten d'Méiglechkeet vun der Mobilitéit wärend hirer Schoul- a Studentenzäit ze bidden (z.B. Comenius, Leonardo, Erasmus+, asw.).

A béide Fäll gëtt kuerzfristeg Gruppemobilitéit als déi effektivst Manéier ugesinn, fir Sproochekenntneser ze entwéckelen (Sproochekenntneser gëllen oft als ganz wichteg a beaflossen de Choix vum Land), d'Unerkennung vu frieme Kulturen ze fërderen an de Risiko vum Lassléisen (aus dem familiären Ëmfeld oder engem anere Kontext) ze reduzéieren.

Doriwwer eraus ass eng méi laangfristeg Schülermobilitéit wéinst den ëmmer méi groussen institutionelle Barrierë méi schwierig. Am ungarische Kontext z.B. wierkt sech esou en Austausch opgrond vu staatleche Reegelen op de rechtliche Status vum Schüler an der Schoul doheem aus (Schüler dierfe wärend de Studien doheem net iwwer e längeren Zäitraum am Ausland sinn). De Schüler huet dee Moment zwou Optiounen: Entweder gëtt säi Status ausgesat, bis hien zeréck an d'Schoul vu sengem Heemechtsland kënnt, oder de Schüler mécht seng Schoul als Privatstudent fäerdeg, wat eng komplex Prozedur ass. A Norwegen gëtt et méi Ënnerstëtzung an Encouragement fir d'Mobilitéit vu Schüler: Et gëtt méi Informatiounen an de Schoulen an d'Schoule schaffe mat Entrepreneuren zesummen, déi bei der individueller Mobilitéit vu Schüler hëllefen.

Aus deem Grond spillen d'Institutiounen eng bedeitend Roll bei der Gestiou vun de Formalitéiten. Administrativen Opwand a bürokratesch Hürde si ganz typesch, zousätzlech zu de Schwierigkeeten, fir Zougang zu Austauschprogrammer ze kréien (strukturell Ongläichheet). Deemno sinn déi jonk Leit op d'Hëllef (finanziell an emotional) vu Familljememberen, perséinlech Erspuerne, déi si virum Depart op d'Säit geluecht hunn, an op d'Institutiounen, fir d'bürokratesch Ënnerstëtzung ugewisen.

Global weisen d'Resultater vun der Analys vum Schüleraustausch an Norwegen an an Ungarn drop hin, dass aus der Perspektiv vun deene jonke Mobillen, d'Bezéiungen zu anere Jonke mat

därselwechter Nationalitéit hëllef, fir mat den negativen Auswierkunge vun der Mobilitéit, wéi Verlaangeren, Entfriemen, kulturell Ënnerscheeder, Onsécherheet, Sproochebarrièren an aneren Erausforderungen, ëmzegoen. Op där anerer Säit gesinn déi jonk mobil Leit d'Bezéiunge mat anere Jonke vun därselwechter Nationalitéit als eng Zort Brems fir interkulturellt Léieren a Verstoen un. Mobil Schüler beschreiwen oft, dass si vill mat Schüler vun därselwechter Nationalitéit zesummesinn, hir kulturell Praktike fortsetzen an esou – meeschtens ongewollt – eng Zort „Diaspora“ am Kontext vun der Schülermobilitéit schafen

## **Entrepreneurship-Mobilitéit**

Fir d'Fallstudie iwwer den Entrepreneurship goufen zwee Länner selektionéiert: Spuenien a Rumänien. Souwuel fir Spuenien wéi och fir Rumänien hu sech d'Fallstudien op d'Outgoing-Mobilitéit vun Entrepreneurse bezunn. Am Fall vu Rumänien war en Deel vun der internationaler Mobilitéit drop ausgericht, d'geschäftlech Erfarunge vun deene jonke Leit duerch d'Uwendung am heemeschen Ëmfeld vum Wëssen an der Erfahrung, déi si sech ugëeegent hunn, ze verbesseren; a verschidde anere Fäll hat d'Mobilitéit als Zil, eng Entreprise am Ausland ze grënnen oder enger geschäftlecher Aktivitéit am Ausland, z.B. opgrond vun engem Concours, enger Bourse, asw. nozegoen, an dann nees heemzegoen an am Heemechtsland eng Entreprise ze konsolidéieren oder opzebauen. E puer vun de jonken interviewten Entrepreneurse haten och eng Entreprise gegrënnt, déi op internationalem Niveau aktiv war.

Wat d'Eegenaarte vu jonkem Entrepreneurship ubelaangt, sou weisen éischt Resultater, dass den jonken Entrepreneurse no d'Kreatioun vun enger Entreprise e Meilesteen an hirem Curriculum ass, dee wäertvoll Kompetenze mat sech bréngt a hiren unternehmereschen Know-how an hir Fäegkeeten erweidert.

D'Resultater maachen och d'Ënnerscheeder tëschent Spuenien a Rumänien par rapport zum unternehmereschen Ëmfeld däitlech, wann et drëms geet, ob déi jonk Entrepreneurse nees heemkommen oder am Ausland bleiwen.

Am Fall vun de rumäneschen Entrepreneurse huet d'Analys erginn, dass d'Mobilitéit fir Entrepreneurshipzwecker oft vum Interessi vun deene Jonken un hirer beruflecher Entwécklung an dem Erschlësse vun neie Geschäftsméiglechkeeten ausgeléist ginn ass. A verschidde Fäll war d'Iddi vum Entrepreneurship vun de rumänesche Befroten duerch eng Verknäppung mat anere Forme vu Mobilitéit, z.B. e Studium oder Volontariatsaarbecht, an enger ONG, oder enger Aarbechtserfahrung als Employé inspiréiert. E puer vun den Interviewte waren duerch hir Peers oder Mentoren inspiréiert. Déi meescht befrot Rumänen ënnersträchen d'Wichtigkeet vu spezielle perséinlechen Eegenschaften, wéi Courage, Ausdauer, Eiergäiz, Risikobereitschaft a Belaaschtbarkeit.

Am Fall vu Spuenien weisen d'Resultater vun der Entrepreneurship-Mobilitéit, dass spuenesch Entrepreneurse normalerweis net a Betruecht zéien, heemzегoe fir eng Entreprise ze grënnen oder weiderzeféieren, an dat wéinst der schwiereger sozio-ekonomescher unternehmerescher Atmosphär am Verglach zu anere Länner an Europa. D'Daten, déi fir d'Fallstudien a Spuenien gesammelt goufen, deiten op e geschlechtsspezifischen Aspekt hin: Verschidde Fraen kënnen oder wëllen den Entrepreneurship net iwwer méi eng laang Zäit bedreiwen, well e schwéier mat engem Familljeliewen an Aklang ze bréngen ass a well si esou en Aarbechtsrhythmus net laangfristeg matmaache kënnen a wëllen. De Bildungshannergrond spillt och eng Roll beim Succès vun der Entrepreneurship-Mobilitéit. D'Resultater aus der Fallstudie weisen, dass Leit ouni betribswirtschaftlech Ausbildung an/oder Hannergrond sech net bewusst sinn, wéi komplex dat Ganzt, nieft deem bürokratesche Kontext (Mangel u Wëssen/Informationen iwwer den administrative Prozess an d'Käschten, z.B. d'Krankeversicherung), ass, wat zu méi héije Messerfollegskäschten a Steiere féiert.

D'Resultater deiten och op verschidde Gemeinsamkeeten tëschent béide Länner hin an erlaben eis, generaliséierbar Schlussfolgerungen iwwer d'Entrepreneurship-Mobilitéit ze zéien. Fir d'éischt emol sinn a béide Länner, a fir d'Entrepreneurship-Mobilitéit am Allgemengen,

Finanzéierungsméiglechkeeten eng Voraussetzong fir d'unternehmeresch Aktivitéit. D'Resultater vun der Fallstudienanalys weisen, dass déi Jonk mat engem Mangel u finanzielle Ressourcen, Eegen- a Friemkapital konfrontéiert sinn, an dofir hir eege Strategien entwéckelen, fir dës Hürd ze iwwerwannen. Eenzel jonk Entrepreneure kruten um Ufank eng finanziell Ënnerstëtzung vu Frënn oder Famill, während eng Minoritéit vun de Befroten hir perséinlech Erspuernesser benotzt hu fir d'Entreprise ze kreéieren. Zweetens si jonk Leit, déi hir Entreprise an engem anere Land gegrënnt hunn / grënne wëllen, der Meenung, dass d'Kenntnes vun der Sprooch vum Gaaschtland a vun den interkulturellen Aspekter de Projet erliichteren.

Global gesinn ass d'Entrepreneurship-Mobilitéit oft un aner Typpe vu Mobilitéit gebonnen an/oder d'Resultat vun enger Verkettung vu Mobilitéitstypen.

## AUSWIRKUNGEN OP D'POLITIK A RECOMMANDATIOUNEN

### 1. D'Qualitéit an d'Verfügbaarkeet vu Makrodaten iwver d'Mobilitéit vu Jugendlechen an Europa verbessern

Opgrond vun de fundamentale regionalen Ënnerscheeder an der EU bei der Verdeelung vu sozio-ekonomesche Makrofacteuren, däerf sech d'Analys vun der Jugendmobilitéit net nëmmen op den nationalen Niveau konzentréieren.

- ❖ Deemno missten Daten iwver d'Mobilitéit vu Jugendlechen um regionalen Niveau (Eurostat NUTS 2 oder NUTS 3) zur Verfügung gestallt ginn.

Nëmmen e puer vun de MOVE-Partner (Däitschland, Lëtzebuerg an Norwegen) waren an der Lag, vun den nationale Statistikinstituter zousätzlech Daten iwver d'Jugendmigratioun ze kréien, déi op enregistréierten Date baséieren. Den Accès war awer schwierig an huet zousätzlech Käschte verursaacht.

- ❖ D'Zougänglechkeet vu vergläichbare Migratiounsdate fir all europäesch Länner géifen déi weider Fuerschung am Beräich vun der Mobilitéit immens erliichteren.

Insgesamt gétt eng zouverlässeg, fräi zougänglech sekundär Datebank fir d'Jugendmobilitéit an Europa gebraucht. D'Ufuerderunge fir zougänglech Makrodaten iwver d'Jugendmobilitéit wieren:

- Méi rezent Makrodatesätz
- Gëlteg Informatiounen iwver d'Taxe vun Incoming- an Outgoing-Jugendmobilitéit pro Land
- Erfaasse vun de Grënn an der Längt vun der Mobilitéit
- Informatiounen iwver d'Heemechtsland an d'Zilland
- Regional Daten iwver d'Mobilitéit (NUTS 2 oder 3)
- D'Datesätz misste méi einfach zougänglech sinn

### 2. Cibléiert europäesch Strategïe fir verschidden Typpe vu Mobilitéit a Lännermustere entwéckelen

Fir déi verschidde Lännermustere si separat europäesch Strategien erfuerderlech, fir den individuellen Interête vun de Memberstaate gerecht ze ginn. Deemno sollt finanziell Ënnerstëtzung (z.B. Erasmus) net un all EU-Länner gläich verdeelt mä un déi speziell Besoine vun all Land

ugepasst ginn (z.B. Förderung vun der Incoming-Studentemobilitéit vs. Förderung vun der Outgoing-Mobilitéit am Allgemengen).

Den Zentrum-Peripherie-Modell verdäitlecht den Effekt, dass d'Peripherie-Senderlänner sech, opgrond vun der Internationaliséierung vun de Studien an der Ëmsetzung vun der Bologna-Reform, als attraktiv Empfängerlänner fir d'Incoming-Studentemobilitéit erweisen, an dass zousätzlech spezifesch Ënnerstützung fir d'Peripherie eng villverspriechend Léisung ass. Doriwwer eraus misste speziell d'Peripherie-Senderlänner dobäi ënnerstëtzt ginn, Humankapital, dat duerch Mobilitéitsepisode geschaf gouf, anzesetzen – z.B. duerch d'Finanzéierung vun Trainee-Programmer fir Jonker, déi zeréck an hiert Heemechtsland kommen. Ass dat net de Fall, dann entsteet duerch d'Jugendmobilitéit och de Risiko, dass eng zimlech asymmetresch autokatalytesch ekonomesch Entwécklung gefërdert gëtt, déi national Disparitéiten an Ongläichheeten tëschent den EU-Memberstaate weider verstärkt.

Fir d'Mobilitéits-Promoteuren (z.B. Rumänien an Ungarn) misst d'Ënnerstützung a finanziell Bähëllef fir de Studentenaustausch, genee ewéi den Accès zu Bildungsprogrammer am Ausland, verstärkt ginn, fir d'Outgoing-Studentemobilitéit ze fërderen. Dëst kéint duerch verbessert Informatiounen, eng méi staark Zesummenaarbecht mat neien EU-Fuerschungs- an Héichschouleriichtungen an duerch d'Verbesserung vun der Unerkennung vun den Diplomer gefërdert ginn. Méiglech politesch Moosname fir d'Incoming-Mobilitéit ze erhéije wieren: international Studieprogrammer/Coursen an den Universitëiten entwéckelen, existent international Programmer an Europa an an Drëttlänner promouvéieren an adequat Logementer an administrativ Ënnerstützung fir areesend Studente bereetstellen.

Fir d'Mobilitéits-Notznéisser (z.B. Däitschland, Norwegen a Lëtzebuerg) musse vill Incoming-Mobilitéitstypen an -phase gefërdert ginn, andeems Méiglechkeete fir d'Integratioun an den Aarbechtsmaart ugebuede ginn, wann d'Studenten nom Studium nees zeréckkommen. Dës Mesure kéint awer an engem Spannungsverhältnes zu de Mesurë fir d'Mobilitéits-Promoteure stoen.

### **3. Strukturell Barrièren ofbauen, geziilt an individualiséiert Ënnerstützung fir ënnerschiddlech Type vu Mobilitéit ubidden**

#### **Recommandatioune fir d'Héichschoulmobilitéit: Studentemobilitéit**

Wann een d'Resultater aus béide Länner zesummeleet, kéinten déi folgend Aktiounen als hëllefbräich fir d'Studentemobilitéit ervirgehewe ginn: Well d'Studentemobilitéit innerhalb vun Europa gréisstendeels kuerzfristege Charakter huet, d.h. d'Studente verbréngen nëmmen een oder zwee Semester un enger Héichschoul am Ausland, ass eng gutt ausgebaute Struktur fir si ze ënnerstëtze ganz wichteg. Sou muss zum Beispill souwuel bei de Sender- wéi och bei den Empfängerinstitutioune genuch kompetent Personal zur Verfügung stoen, dat an engem raisonnablen Zäitraum déi néideg Informatiounen vermëtteln kann. Etabléiert an transparent Prozedure maachen d'Ëmsetzung vun der Mobilitéit méi einfach, souwuel fir d'Studente wéi och fir d'Institutiounen.

Well d'Studenten net an alle Länner duerch staatlech Subsidien ënnerstëtzt ginn, ass et immens wichteg, d'Zuel vun de Bourssen ze erhéijen, fir méi Studenten d'Mobilitéit ze erméiglechen. Gläichzäiteg misst d'Héicht vun der Mobilitéitsbourse (Erasmus+) ugepasst ginn, besonnesch fir Studenten, déi aus manner räiche Länner kommen an eng méi deier Destinatioun ustriewen. E gudd Virschlag an deem Kontext kéint sinn, d'Lännergruppen à jour ze setzen am Hibleck op d'Héicht vun der Bourse, déi zur Verfügung gestallt gëtt (sou steet Lëtzebuerg zum Beispill als eng vun den deiersten Destinatiounen an Europa am zweete Grupp).

Ausserdeem kënnen am Kader vun der Studentemobilitéit passend Sproochekenntnesser den Openhalt am Ausland erliichteren. Et sollt méi Gewicht op d'Léiere vun der Sprooch virun an och während dem Openhalt geluecht ginn. Eng besser Sproochenausbildung kéint duerch eng (1) besser Integratioun vun auslännesche Studenten an de Gaaschtinstitutiounen an (2) méi lieweg

Echangë mat eenheemesche Studenten erfollegen, wat och de kulturellen Austausch fërdert. Aktuell hunn Austauschstudente méi Kontakter an hirem eegenen nationale Grupp wéi mat anere Studenten aus dem Gaaschtland.

Déi meescht Efforte gi bei de Credit-Studente gemaach (z.B. Erasmus-Austausch), d'Institutione sollten awer net D'auslännesch Diplom-Studente vergiessen, déi en anere Support brauchen, wéi eenheemesch regulär Studenten.

Weider Schrëtt sollten och ënnerholl ginn, fir eng einfach a séier Unerkennung vun auslänneschen europäeschen (EHEA) Diplomer a Credits (ECTS) an aneren europäesche Länner.

### **Recommandatioune fir d'Volontariatsmobilitéit**

Déi folgend Recommendatioune baséieren op der Analys vun der Fallstudie, déi an Däitschland an a Rumänien duerchgefouert gouf a bezéie sech haaptsächlech op d'Verbesserung vum institutionelle Kader fir d'Volontariatsmobilitéit an Europa ze erliichteren.

Nieft dem Mangel u finanzieller Ënnerstëtzung ass eent vun de stäerksten Hindernisser fir d'Volontariatsmobilitéit de Mangel un Informatiounen iwver den Zougang. Mir recommandéieren deemno, d'Volontariatsmobilitéit als gemengnëtzeg Mobilitéit ze formuléieren an d'Resultat vun den Aktivitéiten ze ënnersträichen (fërdert d'Valeure vun enger aktiver Biergerbedeelegung an der sozialer Verantwortung a stimuliert déi perséinlech a berufflech Entwécklung). Gläichzäiteg sollt d'sozial a finanziell Ënnerstëtzung vu jonke Fräiwëlleger gestärkt ginn, doduerch dass d'Informatiounen iwver méiglech Finanzéierungsstrukturen transparent an zougänglech gemaach ginn.

### **Recommandatioune fir d'berufflech Mobilitéit**

Wéi mir am Abschnitt iwver d'Resultater erkläert hunn, ass d'berufflech Mobilitéit, am Géigesaz zu aneren Typen vu Mobilitéit, héich individualiséiert an ëmfaasst Leit, déi wéinst enger konkreter Aarbechtsplaz kommen an anerer, déi komme fir eng Aarbechtsplaz ze sichen.

Obwuel Programmer existéieren, kennen déi jonk Leit déi net ëmmer a froen nëmme seelen Ënnerstëtzung bei Organisatiounen an Institutionen, fir aus beruffleche Grënn mobil ze ginn. Mir recommandéieren dofir e verbessert Bekanntmaache vun existente Programmer fir Berufsfünger bei deene Jonken, déi kuerz virum Diplom stinn, duerch eng méi enk Zesummenaarbecht mat den Aarbechtsagencen, Entreprises, Bildungsrichtungen a Jugendzentren.

Et besteet e grouse Besoin, jonk Leit nom Ofschluss vun hire Studie beim Zougang zum Aarbechtsmaart ze ënnerstëtzen. Am Moment gëllt de Mangel u Berufserfahrung als eng vun deene stäerksten Hürde fir Jonker, fir eng éischt Aarbechtsplaz ze fannen. Am Fall vu Lëtzebuerg hu mir gesinn, dass verschidden Entreprisë speziell Programmer fir jonk Berufsfünger entwéckelen. Dëst ass besonnesch relevant am Kontext vun der berufflecher Mobilitéit. Dëse Support kéint international Kompetenze stäerken an de Jonken hir Fäegkeete fir d'Zukunft verbessern. Dës Moosnam kéint och ongläich an diskriminatoresch Behandlung vu Jonken op der Aarbechtsplaz verréngeren an der Ofwäertung vun de Qualifikatioune vun deenen entgéintwierken, déi ënnerqualifizéiert schaffen, fir Berufserfahrung ze sammeln.

Well d'berufflech Mobilitéit am Grousse Ganzen als individualiséiert ugesi gëtt, kéint d'Ënnerstëtzung während deem ganze Prozess hëllefbräich sinn, fir mat de bürokrateschen Erausforderungen eens ze ginn. Aus deem Grond gëtt d'Ariichte vu Begrëssungszentren/Informatiounsplattformen, besonnesch fir jonk Berufstätiger am Zilland, virgeschloen. Den Zougang zu Informatiounen iwver d'Gesellschaft, hir Zesummesetzung, Institutionen, nëtzlech Informatiounen zum Thema Wunnen, Banken, asw., kéinten dozou bäidroen, de Stress, dee mat där neier Plaz an deem ongewinnten Ëmfeld verbonden ass, däitlech ze reduzéieren.

## **Recommandatioune fir d'Mobilitéit an der Berufsausbildung**

Wéi virdu beschriwwen, huet d'Mobilitéit am Zesammenhang mat der Berufsausbildung wéinst den ënnerschiddlechen Ëmsetzungspraktike vu Mobilitéitsprogrammer vill verschidde Formen an dofir mussen vill Recommadatioune lännerspezifesch sinn.

Generell besteet e grouse Besoin, bei jonke Leit, Entreprises, Enseignanten an Eltere méi Werbung fir d'Mobilitéit an der Berufsausbildung ze maachen, fir dass d'Tauxe vun der Mobilitéit vun Apprentien an d'Luucht ginn. D'Ariichtung vu landeswäiten Netzwierker vu Mobilitéitsberoder an d'Promotioun vun institutionellen Netzwierker (wou Däitschland als e gutt Beispill kann zitéiert ginn) kënnen als villverspriechend Schrëtt an dës Richtung ugesi ginn. An Däitschland mussen dës Netzwierker a Strukturen op eng méi nohalteg Basis gestallt ginn.

Wat hir Capacitéit vun der Integratioun an den Aarbechtsmaart ubelaangt, do promovéiere Mobilitéitsprogrammer opgrond vun den aktuellen Ëmsetzungspraktiken „d'Integratioun vun deenen Integrierten“. Fir dass och niddreg qualifizéiert a sozial benodeelegt Jugendlecher vun der Mobilitéit profitéiere kënnen, mussen spezifesche Programmer wéi „Integratioun iwwer Austausch“ nei ageriicht an ausgebaut ginn. A Spuenien féieren déi héich finanziell Käsche vun der Mobilitéit fir Einzelpersonen zu engem Verdéiwe vun der sozialer Kluft, där een entgéintwierke sollt, z.B. duerch d'Upassung vun de Subsiden un déi reell Käschen (ofhängeg vun der Dauer vun der Mobilitéit) an déi méi zäitno Iwwerweisung vun de Subsiden un d'Studenten an der Berufsausbildung virun der Mobilitéitsperiod.

An Däitschland misst fir jonk Leit, z.B. duerch Werbung an eng méi flexibel Ënnerstëtzung fir selwer organiséiert Mobilitéit, méi Spillraum geschaf ginn.

Fir béid analyséiert Länner misste méi Méiglechkeete fir Rencontere mat „Eenheemeschen“ an anere Reesende geschaf ginn, genee ewéi Austauschméiglechkeete mat Jonken, déi u Mobilitéit interesséiert sinn a mobilitätserfarene Peers (Rollemodeller), fir d'Wëssen iwwer d'Mobilitéit ze verbesseren an d'Participatioun ze féerden.

Sproochekenntnesser sinn eng wichteg Viraussetzung fir d'Deelhuelen u Mobilitéitsprogrammer. Et soll ee sech dësem Problem unhuelen, andeems Sproochbarrièren a Mobilitéitsprogrammer reduzéiert ginn an, am Allgemengen, praktesch Friemsproochekenntnesser an der Schoul verbessert ginn.

## **Recommandatioune fir d'Schülermobilitéit**

Fir déi meescht Schüler ass de Schüleraustausch déi éischt Erfahrung mat Mobilitéit. Aus deem Grond gëtt Ënnerstëtzung a Begleedung als entscheidend ugesinn, fir eng Mobilitéitskultur bei de jonke Leit ze entwéckelen. Dofir missten d'Prozeduren, souwuel an de Bildungsariichtunge wéi och an de Gaaschtfamilie besser organiséiert ginn. Méi didaktesch orientéiert Moosname sollten op ausserschoulesch Veranstaltungen ausgeriicht ginn: sozial Renconteren, wou déi Jonk nei Kulturen, Traditionen a Sproocher kenneléieren. Dës Aktivitéiten droen zum Sammele vu Mobilitéitserfarung bäi a féerden zukünfteg Mobilitéit.

Schülermobilitéit ass oft deier a Schüler mat méi engem niddrege sozio-ekonomesche Status hu Schwierigkeeten, sech dat leeschten ze kënnen. Dofir gëtt recommandéiert, de Finanzéierungsmodell op der Basis vum soziale Status ze diversifiéieren. Eng aner méiglech Moosnam wier, méi Méiglechkeeten anzeféieren, dass benodeelegt Schüler eng Bourse kréie kënnen, fir si esou duerch d'Bildung besser op hir Zukunft virzubereeden.

Dëst géif besonnesch bei Länner mat méi engem niddregen ekonomesche Standard den Interêt fir d'Schülermobilitéit erhéijen.

Weider Recommendatioune betreffen administrativ Aspekter: Obwuel sech déi meeschte Schüler iwwer Organisatioune fir en Austausch umellen, gëtt et ëmmer nach e Mangel un Informatiounen iwwer den Oflaf. Dofir gëtt recommandéiert, Informatiounen iwwer Austauschprogrammer an den Zougang zu deene Programmer ze vermëttelen. Dat betrëfft och d'Approbatoun vu Léierprogrammer, d'Equivalenz vun den Notten an eng vereinfacht Unerkennung vu Credits, déi während der Mobilitéit am Ausland gesammelt goufen.

### **Recommandatioune fir d'Entrepreneurship-Mobilitéit**

Wéi d'Resultater aus Rumänien a Spuenien gewisen hunn, ass Entrepreneurship-Mobilitéit fragil a ganz sensibel fir sozio-ekonomesch Changementer souwuel an den Heemechts- wéi an de Gaaschtlänner. Fir den Interêt un der unternehmerescher Mobilitéit ze ënnerstëtzen, gëtt deemno eng erweidert Offer u Formatiounen iwwer d'Kreatioun vun Entreprisë recommandéiert.

Duerno gëtt virgeschloen, d'Finanzéierungsméiglechkeeten ze erweideren an ze diversifiéieren an d'Transparenz vun den Informatiounen iwwer den Zougang zu finanzielle Mëttel ze verbesseren. Dozou gehéiere souwuel Fördermëttel fir Entrepreneurien, wéi och Mobilitéitsboursen, déi d'Käschte vum Plënnere an d'Ariichten am Zilland, asw. ëmfaassen.

De Programm „ERASMUS for Young Entrepreneurs“ war fir verschidde befrote Persounen aus Rumänien efficace, well en déi néideg Mëttel fir international Mobilitéit zur Verfügung gestallt huet, déi fir d'unternehmeresch Interête vun deene jonke Leit wichteg waren. E puer befrote Persounen hunn ervirgestrach, dass méi Werbung an eng besser Iwwerwaachung fir dëse Programm duerch déi national an déi europäesch Autoritéiten néideg wieren. Mir recommandéieren dofir, d'Legislatioun, déi sech op Entrepreneurship bezitt, an den europäesche Länner ze harmoniséieren, fir d'Aktivitéit vu jonken Entrepreneurien an déi entsprechend international Mobilitéit ze encouragéieren.

D'Entrepreneurship-Mobilitéit ass staark geschlechterspezifesch geprägt. Mir recommandéieren aus deem Grond, den Entrepreneurship vu Fraen duerch d'Schafe vun Hëllefstrukturen a –programmer fir weiblech Entrepreneurien, speziell déi mat Famillen, ze förderen.

D'unternehmeresch Mobilitéit gëtt duerch exzessiv bürokratesch Prozedure par rapport zu den néidegen Dokumenter fir eng Entreprise ze grënne behënnert. De Prozess gëtt duerch nei Sproochen an den Zillänner nach méi komplex. Online-Prozeduren an Informatiounen iwwer Steieren, Versécherungen asw. an e puer Sproochen op de soziale Medie kéinten dës Barriären ofbauen.

## **FUERSCHUNGSPARAMETER**

D'Gesamtzil vu MOVE besteet doran, op der Basis vu Fuerschungresultater dozou bäizedroen, d'Konditioune fir d'Mobilitéit vu jonke Leit an Europa ze verbesseren an déi negativ Impakter vun der Mobilitéit duerch gutt Praktiken ze reduzéieren, an doduerch d'nohaltig Entwécklung an d'Wuelbefannen ze förderen.

Déi **wichtigst Fuerschungsfroe** sinn: Wéi ka sech Mobilitéit positiv souwuel op déi sozio-ekonomesch wéi och op d'individuell Entwécklung vu jonke Leit auswierken a wéi eng Facteure förderen/behënneren dës Profitabel Mobilitéit?

Op der Basis vun enger interdisziplinärer Fuerschung op verschidde Niveaue sollen am Kader vu MOVE folgend Ziler erreicht ginn:



1. eng ëmfaassend Analys vum Phänomen vun der Jugendmobilitéit an der EU duerchféieren;
2. systematesch Daten iwwer d'Mobilitéitsmuster vu Jugendlechen an Europa op der Basis vu Fallstudien, enger Ëmfro iwwer d'Mobilitéit an enger sekundärer Datenanalys zesummestellen;
3. eng integréiert quantitatív Datebank iwwer d'Jugendmobilitéit an Europa bereetstellen;
4. en datebaséierten theoretische Kader zur Verfügung stellen, deen d'Mobilitéit erëmispigelt an esou zu de wëssenschaftlechen a politeschen Diskussiounen bäidréit;
5. Widderhuelung, hei soll d'Iwwersetzung vum Saatz " explore factors that foster and factors that hinder good practice based on an integrative approach with qualitative and quantitative evidence" kommen;
6. evidenzbaséiert Wëssen a Recommandatiounen fir politesch Decideure bereetstellen duerch d'Entwécklung vu Good Practice-Modeller mat folgenden Ziler:
  - a. fuersuchsbaséiert Recommandatiounen formuléiere fir Interventiounen, déi den institutionellen, juristeschen a programmatesche Kader fir d'Mobilitéit mat hire verschiddene Formen an Typen an d'Bedéngungen/Contraintë vun der Mobilitéit fir jonk Leit an Europa verbesseren
  - b. de Länner, déi mat groussen Erausforderungen am Zesammenhang mat der geografescher Mobilitéit vu jonke Berufstätige konfrontéiert sinn, Berodung an Erfahrung zur Verfügung stellen.

### **Allgemeng Approche a Methodologie**

MOVE baséiert op engem transdisziplinäre Fuerschungsdesign op e puer Niveauen. Um Mikroniveau stinn déi jonk Leit an d'grenziwwerschreidend Bewegungen, genee wéi d'Facteuren, déi d'Mobilitéit positiv an negativ beaflossen, am Mëttelpunkt. Um Mesoniveau gëtt den Organisationsberäich fir déi verschidden Typen vu Mobilitéit am Kader vun de jeeweilegen nationalen an internationale rechtliche Virschreften ënnersicht. Um Makroniveau gi schliisslech déi sozial an ekonomesch Daten zesummegeleucht an am Zesammenhang mat der Mobilitéitssituatioun vu jonke Leit analyséiert.

De Fuerschungsprojet MOVE ëmfaasst déi folgend 6 Packagen: Gestionspackage (WP 1), sekundär Datenanalys (WP 2), sechs Fallstudien iwwer verschidde Formen vu Mobilitéit (WP 3), eng Ëmfro iwwer déi jeeweileg Praktiken, Erfahrungen a Facteuren, déi d'Mobilitéit beaflossen, op der Basis vun engem zweestufige Prozess mat Echantillonen aus engem Panel (n=5.499) vu mobillen an net mobile Jugendlechen an engem Schnéiklatz-Echantillon (n=3.207) vu mobile Jugendlechen (WP 4), d'Triangulatioun vun der qualitativer a quantitativer Analys (WP 5) an en Aarbechtspackage (WP 6) fir d'Kommunikatioun, d'Verbredung an d'Notzung.

D'Fallstudie goufen, wéi uewen an dësem Policy Brief beschriwwen, fir sechs Typen vu Jugendmobilitéit an Europa duerchgefouert:

1. Mobilitéit vu Studenten am Kader vun der Héichschoulbildung
2. grenziwwerschreidend Volontariat
3. beruflech Mobilitéit
4. Mobilitéit an der Berufsausbildung
5. Schüleraustausch
6. Entrepreneurship- Mobilitéit.

Duerch d'Konzentratioun op dës sechs Typen vu Mobilitéit kënnen mir déi verschidde Facettë vun der Jugendmobilitéit iwwer d'Strukture vu bestëmmte Programmer fir d'Jugendmobilitéit eraus ënnersichen.

## BESCHREIWUNG VUM PROJET

<b>NUMM VUM PROJET</b>	Mapping vun der Mobilitéit – Parcoursen, Institutionen a strukturell Auswierkunge vun der Jugendmobilitéit
<b>KOORDINATOR</b>	Prof. Dr. Ute Karl, UNIVERSITE DU LUXEMBOURG, Lëtzebuerg <a href="mailto:ute.karl@uni.lu">ute.karl@uni.lu</a> (bis de 15.03.2017); Assoc. Prof. Dr. Birte Nienaber, UNIVERSITE DU LUXEMBOURG, Lëtzebuerg, <a href="mailto:birte.nienaber@uni.lu">birte.nienaber@uni.lu</a> (vum 15.03.2017 un)
<b>KONSORTIUM</b>	ACADEMIA DE STUDII ECONOMICE DIN BUCURESTI – ASE Bucuresti – Bukarest, Rumänien  AGENCE EUROPEENNE POUR L'INFORMATION ET LE CONSEIL DES JEUNES ASBL – ERYICA – Lëtzebuerg, Lëtzebuerg  DEUTSCHES JUGENDINSTITUT EV – DJI – München, Däitschland  EURICE EUROPEAN RESEARCH AND PROJECT OFFICE GMBH – Eurice – Saarbrécken, Däitschland  WESTERN NORWAY UNIVERSITY OF APPLIED SCIENCES, – HVL – Sogndal, Norwegen  ILUSTRE COLEGIO NACIONAL DE DOCTORES Y LICENCIADOS EN CIENCIAS POLITICAS Y SOCIOLOGIA – ICN – Madrid, Spuenien  MISKOLCI EGYETEM – UNI MISKOLC – Miskolc, Ungarn  STIFTUNG UNIVERSITAT HILDESHEIM – UH – Hildesheim, Däitschland
<b>FINANZÉIERUNG</b>	Horizon 2020 Framework Programme for Research and Innovation (2014-2020) , Societal Challenge 6 – Europe in a changing world: inclusive, innovative and reflective societies", Call YOUNG-2-2014, Thema „Youth mobility: opportunities, impacts, policies“
<b>DAUER VUM PROJET</b>	Mee 2015 – Abrëll 2018 (36 Méint)
<b>BUDGET</b>	EU-Bäitrag: 2.499.912,00 €
<b>WEBSÄIT</b>	<a href="http://move-project.eu/">http://move-project.eu/</a>
<b>MÉI INFORMATIOUNEN</b>	Kontakt: Michaela Scheid, <a href="mailto:m.scheid@eurice.eu">m.scheid@eurice.eu</a>

*Dës Versioun ass eng Iwwersetzung vum engleschen Originaltext an déngt Informatiounszwecker. Am Fall vun Ofwäichungen huet den engleschen Originaltext Virrang.*